

SANDWEILER

Aktuell

09-2021

28.07.2021

Bureau de la population



Pedibus



Vëlosummer 2021



Change the future



18, rue Principale
L-5240 Sandweiler

Tél.: 35 97 11 - 1 • Fax: 35 79 66

www.sandweiler.lu

Populationsbüro: reduzéierte Service vum 28.07 bis den 13.08

De Populationsbüro ass vu Mëttwoch, den 28. Juli bis Freideg, den 13. August inklusiv just op Rendezvous op.

Déi genau Deeg an déi betrafte Servicer fannt dir op onsem Site. D'Kontaktnummer fir de Rendezvous ass **35 97 11-201**. Merci fir Äert Verständnis.

Artikel um Site: <https://bit.ly/3kWnYNH>

Bureau de la population : service réduit du 28.07 au 13.08

Le bureau de la population sera ouvert uniquement sur rendez-vous du 28 juillet au 13 août inclus.

Le détail des jours et des services concernés se trouve sur notre site. Le numéro de contact pour le rendez-vous est le **35 97 11-201**. Merci pour votre compréhension.

Article sur le site: <https://bit.ly/3kWnYNH>

Begleeder fir de Pedibus gesicht

Zanter e puer Joer gëtt zu Sandweiler de Service „Pedibus“ ugebueden, e Begleed-system fir d'Kanner ze Fouss an d'Schoul ze bréngen, ënnert der Opsicht vun Erwuesse- nen.

Duerch de grouse Succès vum Pedibus siche mir weider Leit déi interesséiert sinn, als Begleetpersoun am Team matzemaachen.

Verlaangt gëtt:

- mindestens 18 Joer hunn,
- Lëtzebuergesch schwätze kënnen.

Sidd Dir drun interesséiert lech fir d'Ren- trée 2021/2022 ze engagéieren? D'Maison relais **Piwitsch asbl** organiséiert de Pedi- bus a këmmert sech ëm d'Aschreiwungen.

Tél.: 35 97 11-640 / 641

E-mail: maison.relais@sandweiler.lu

Accompagnateurs pour le Pedibus

Cela fait plusieurs années que le service «Pedibus» est disponible à Sandweiler, un système d'accompagnement pour amener les enfants à pied à l'école sous la surveil- lance d'adultes.

En raison du grand succès de Pedibus, nous recherchons des nouveaux accompagna- teurs intéressés pour se joindre à l'équipe.

Les conditions:

- avoir au moins 18 ans,
- parler le luxembourgeois.

Vous êtes intéressé à vous engager pour la rentrée 2021/2022? La maison relais **Piwitsch asbl** organise le Pedibus et gère les inscriptions.

Tél.: 35 97 11-640 / 641

Site: Piwitsch asbl <https://bit.ly/3zCknsH>

ZESUMMEN ËNNERWEE

10 Tipps fir e respektvollen Ëmgang
tëscht Vëlosfuerer a Foussgänger



1. Lénks zu Fouss, riets mam Vëlo
2. Vitesse upassen
3. Ofstand suergt fir Sécherheet
4. Schelle virum Iwwerhuelen
5. Bléckkontakt
6. Moien a Merci
7. Richtungswissel ukënnegen
8. Haart Musek an Handy vermeiden
9. Den Hond un d'Léngt
10. D'Ëmwelt respektéieren

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics



Méi Informatiounen
fannt Dir op
www.mmtp.lu

Vëlosummer 2021 vum 31.07 bis den 29.08

Entdeckt dëse Summer déi schéinsten Ecker vu Lëtzebuerg mam Vëlo! Déi zweet Editioun vum „Vëlosummer“ fënnt vum 31. Juli bis den 29. August 2021 statt.

De „Vëlosummer“ ass lescht Joer vum Ministère de la Mobilité et des Travaux publics an der Generaldirektioun fir Tourismus lancéiert ginn a war mat méi wéi 40.000 Cycliste ganz erfollegräich.

Sandweiler ass am **Syre-Uelzechtdall Tour** vertruuden. Méi Informatiounen op <https://bit.ly/2UNCSv7>.

Vëlosummer 2021 du 31.07 au 29.08

Découvrez les plus beaux coins du Luxembourg à vélo cet été ! La deuxième édition du « Vëlosummer » se tiendra du 31 juillet au 29 août 2021.

Lancé par le Ministère de la Mobilité des Travaux publics et de la Direction générale du tourisme, le « Vëlosummer » a rencontré un grand succès l'année dernière avec plus de 40 000 cyclistes.

Sandweiler y figure dans **le tour Syre-Uelzechtdall**. Plus d'informations sur <https://bit.ly/3rAcaC8>.

Change the future

„Change the future“ ass eng Plattform déi op spilleresch Aart a Weis eng Villfalt vun Aktivitéite presentéiert, déi jidderee maache kann - eleng oder als Gemeinschaft - fir eisen Alldag méi nohalteg ze gestalten.

Dësen Outil inspiréiert a bitt Iddie fir sech mam **Klimaschutz an Nohaltegkeet um lokalen Niveau** ze engagéieren.

Schreift lech an op <https://bit.ly/2VeSPKt>.

Change the future

« Change the future » est une plateforme qui présente, de façon ludique, une variété d'activités que chacun peut réaliser - seul ou en tant que communauté - pour améliorer notre vie quotidienne de manière durable.

Cet outil est une source d'inspiration et propose des idées afin de s'engager dans **la protection du climat et la durabilité au niveau local**.

Inscrivez-vous sur <https://bit.ly/3ePjAwh>.

CFL Linn 30 - Upassung vum 17.07 bis den 11.12

Den Horaire vun den Zich op der Linn 30 tëscht Lëtzebuerg a Waasserbëlleg ass vum 17. Juli bis den 11. Dezember 2021 wéinst Aarbechten ugepasst ginn. D'Fuerpläng sinn aktualiséiert an alternativ Busarrête sinn opgestallt ginn. **D'Gare Sandweiler-Contern** ass och vun dësen Upassung betraff.

Dir fannt all d'Aktualiséierungen op <https://bit.ly/2Wm7TXv>.

CFL Ligne 30 - Adaptations du 17.07 au 11.12

L'horaire de la ligne 30 entre Luxembourg et Wasserbillig a été adapté en raison de travaux, du 17 juillet au 11 décembre 2021. Les itinéraires ont été mis à jour et des arrêts de bus de substitution ont été mis en place. **La gare Sandweiler-Contern** est également affectée par cette adaptation.

Toutes les mises à jour sur <https://bit.ly/3y1bnfX>.